PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Fir de 26ten September ass eng Tripartite am Aviatiounssecteur virgesinn, fir iwwert Situatioun bei der Luxair ze schwätzen a Léisungen ze fannen. De Minister huet an engem RTL Interview ugedeit, datt doriwwer wäert diskutéiert gi fir de Chômage partiel bei der Luxair net méi virunzeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Fir wéi vill Persounen huet Luxair säit Mäerz 2020 Chômage partiel ugefrot (opgelëscht no Mount)?
2. Wéi vill Persounen huet Luxair detachéiert säit Mäerz 2020 (opgelëscht no Mount)?
3. Wéi vill Persoune goufe säit Mäerz 2020 entlooss?
4. Ginn et Fäll, wou op Positiounen vun deenen uewe genannte Gruppen duerch Externer ersat goufen? Wou zum Beispill eng Persoun vum Luxair Personnal am Chômage partiel war, hir Aarbecht awer duerch eng Persoun vun enger externer Firma iwwerholl gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député